„Association du personnel de la Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat"

# 4.000 Euro fir „Autismus Lëtzebuerg asbl."

**BIEKERESCH** - Am Kader vun enger Visite vum „Centre Roger Thelen" hunn d'Doris Wadlé an de Georges Dennewald, den Arny Kaspar a de Marc Deckenbrunnen vun der „Association du personnel de la Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat" (APBCEE) e Scheck an der Héicht vu 4.000 Euro un d'Vereenegung „Autisme Luxembourg asbl." iwwerreecht. De Georgers Dennewald, President vun der APBCEE, huet an enger klenger Usprooch erklärt, dass all Joer en Opruff un d'Membere vun der APBCEE gemaacht gëtt, fir Suen ze sammele fir eng Organisatioun ze ënnerstëtzen, déi Leit hëlleft, deenen et manner gutt geet. De Marc De Geest, Direkter vun „Autisme



Foto: APBCEE

D'APBCEE ennerstëtzt all Joer eng aner Organisatioun

Luxembourg asbl.", ass op d'Problemer vu Leit mat enger autistescher Behënnerung agaangen. „Autismus Lëtzebuerg asbl." bitt dëse Leit a verschidde Servicer eng Hëllef un, an dat ënnert anerem an de Beräicher Wunnen, Fräizäit, Aarbecht, beruflech Formatioun, Berodung, Fleegeversécherung ... Fir déi Servicer um funktionéieren ze halen, respektiv fir op aner Bedierfnisser vun autistesch behënnert Persounen an hire Familljen nei Äntwerten ze fannen, brauch dës Vereenegung niewent der Ënnerstëtzung vum Stat, och Hëllef vu privater Säit.

An deem Sënn sot den Här De Geest der APBCEE en décke Merci.